PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

Iwwert guichet.lu kënnen Auteuren an Illustrateuren déi ee Buch publizéiert hunn, eng *Prime à la publication d'une création littéraire* ufroen.
Am Rapport d'activité vum Fonds culturel national fir d'Joer 2020 kann een d'Aiden an d'Subventiounen noliesen déi dat Joer, ënnert anerem, u Projeten aus de Beräicher Musek, Theater a Literatur gaange sinn. Am Beräich Literatur goufen 2020 34 Projete mat ronn 103'000€ ënnerstëtzt. 2019 ware 36 Projete mat ronn 92'000€ ënnerstëtzt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat war den héchste Montant un Aiden a Subventiounen deen 2020 un ee Projet am Beräich Literatur gaangen ass?
   Wat war den niddregsten?

2. Op Basis vu wéi enge Krittäre gëtt entscheet, wéi héich d'Subventioune fir déi eenzel Projete sinn?

3. Kann d'Ministesch Zuele gi wéi héisch d'Oplage vun den eenzele literaresche Wierker waren, déi 2020 ënnerstëtzt goufen?

4. Vun der *Prime à la publication d'une création littéraire* kënnen Auteuren déi eng Iwwersetzung oder een historescht Wierk publizéiert hunn, net profitéieren.
   Kënnen dës Auteure vun aneren staatlechen Hëllefe profitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député